

dat neit Gesetz nach net gëllt, a well mer dann d'Base juridique verluer hätten, fir no deem ale Gesetz ze operéieren.

Also mäi Plädoyer a meng Demande un d'Regierung ass, wa mer d'Nationalitétegesetz duerno gestëmmt hunn, soll een dat publizéieren esou séier wéi méiglech, fir dass et kann „le premier jour du troisième mois après sa publication“ a Kraaft trieden, mä et soll een déi zwou Ännerungen, déi mer elo stëmmen, net am Mémorial publizéiere bis Enn Dezember, fir dass dee Problem net optaucht, deen den Här Meyers schonn opgeworf huet an deen ech elo op eng méi, wéi soll ech soen, brutal Aart a Weis duergeluecht hunn.

Dofir mäin Appel un d'Regierung, dass mer zesumme versichen - a mer haten den 30. Abrëll an der Diskussioun schonn op déi Problematik opmierksam gemaach -, eng Léisung ze fannen. Et ass just, dass mer elo dat Auermécherswierk mussen duerchzéien, dass et ons erlaabt, nach déi Demanden ze traitéieren, déi souzesoe fäerdeg sinn, dass mer eng Base juridique dofir hunn an dass mer dann am Ufank vum nächste Joer op neie Grondlage kënnen d'Gesetz applizéieren, esou wéi et wahrencheinlech de Mëtteg gestëmmt gëtt.

Här President, Merci.

» M. le Président.- Ech soen Iech Merci, Madame Flesch. Den honorabelen Här Bodry huet d'Wuert nach gefrot.

» M. Alex Bodry (LSAP).- Jo, Här President, ech brauch net dat ze widderhuelen, wat meng zwee Virriedner scho gesot hunn. Mir deelen déi Appréciatioun wat den Datum an den Zäitpunkt vun der Publikatioun vun där Verfassungsreform ugeet.

Ech wëll awer nach e Wuert zum Fong soen, well déi Verfassungsreform hei - also d'Abolitioun vum Artikel 10 an d'Modifikatioun vum Artikel 9 - awer an eisen Aen de Wee elo fräi mécht fir ee vun de wesentlechen Aspekter vun der Reform iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit.

Et geet drëm, dass mer eigentlech mat enger Anomalie Schluss maachen, déi zënter laange Joren hei zu Lëtzebuerg bestanen huet, déi nach just an e puer anere Länner an Europa iwwerhaapt besteet. Dat ass déi, dass et eng souverän Décisioun vum Parlament ass, déi net ka virun de Gerichter attackéiert ginn, déi haut decidéiert, ob een iwwer Naturaliséierung d'Lëtzebuerger Nationalitéit kritt oder net.

Dat ass an engem Rechtsstat an eisen Aen net normal. Duerfir ass et wichteg, dass mer deen heite Schratt maachen, dass mer iwwert de Wee vun der Ännerung vun der Verfassung d'Bunn fräi maache fir eng Rechtskontroll anzeféieren, iwwer eis administrativ Gerichter, wat d'Froe vun der Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Nationalitéit ugeet, wou et also elo net méi eng politesch Décisioun ass am Endeffekt, déi doriwwer decidéiert, wie Lëtzebuerger gëtt a wien net, mä dass dat u sech eng administrativ Décisioun gëtt, wou onofhängeg Gerichter kënnen dat kontrolléieren.

Dat schéngt fir eis en immens wichtege Fortschrétt ze sinn.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Bodry. Mir kommen dann zum Vote vun dëser Proposition de révision. Dir wësst, dass de Vote par procuration net erlaabt ass.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de révision 5595 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun, am Second vote constitutionnel ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

5. 5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1er de la Constitution - Second vote constitutionnel

Mir kommen dann zur Proposition de révision vum Artikel 9 vun der Verfassung. Hei gëllen déiselwecht Bestëmmungen. Freet heizou nach een d'Wuert?

(Négation)

Dat ass net de Fall. Da komme mer och hei zum Vote.

Second vote constitutionnel

D'Proposition de révision 5672 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun, am Second vote constitutionnel ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira et Henri Kox;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5842 iwwert d'Finanzplaz Lëtzebuerg. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Meisch, den Här Fayot an den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel.

6. 5842 - Projet de loi portant amélioration du cadre législatif de la place financière de Luxembourg et modifiant

- les dispositions concernant les lettres de gage dans la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

- la loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la société d'investissement en capital à risque (SICAR)

- la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier

- la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dee Projet, iwwert dee

mir elo befanne sollen, ass schonn eppes Besonnesches, well iert hien iwwerhaapt hei an der Plénière zur Sprooch komm ass, hat hie scho gejängert.

Wéi Der an de Chambersdokumenter konnt liesen, gong et bei dësem Gesetzesprojet, mat deem dee legislative Kader vun eiser Finanzplaz an eenzelne Punkte verbessert soll ginn, am Ufank ëm zwee Themekreeser mat all Kéiers zwee Voleten. Mä net méi spéit wéi d'lescht Woch koud dunn nach en drëtten Sujet derbäi. Weinst senger Drénglechheet gouf deen am Schnellverfahren op den Originaltext dropgegrafft an duerch d'Instanze gejoet, esou datt mir elo e Projet mat fënnf verschiddene Sujeten hunn, déi de Rapporteur an där kuerzer Zäit, déi him zur Verfügung steet, dësem héijen Haus méi no bréngen wëllt, fir datt et en connaissance de cause jugéieren an decidéiere kann.

Deen éischte Volet befaasst sech mat zwee Finanzprodukter, déi längst zu de Spezialitéiten vun eiser Plaz gehéieren an déi dank de Verbesserungen, déi hei virgeschloen ginn, nach e bësse méi maartgerecht a méi attraktiv gi sollen. Dorunner ännert och déi aktuell Finanzkris näischt, am Contraire.

Beim éischten Produkt geet et ëm déi sougenannte Pfandbréiwer oder Lettres de gage, déi am Gesetz vum 21. November '97 bei eis agefouert goufen an déi am Ablack vu fënnf spezialiséierte Banken hei verdriwwen ginn. Dës Pfandbréiwer zeechne sech doduerch aus, datt si besonnesch zolidd sinn, well si duerch éischtklasseg Garantien ofgedeckt sinn. Dat setzt ënner anerem och viraus, datt si net vun eisen traditionellen Universalbanken, mä vu speziellen „Banques des missions de lettres de gage“ kommerzialiséiert ginn.

D'Pfandbréiwer baséieren op engem einfachen Hypothéikeprinzip, dee sengerzäit de Fritz de Groussen agefouert huet fir senger Landjunker zu Barem ze verhëllefen, andeem si hir Lännereie konnte verpfänden. Déi Buedemgebonnenheet erkläert och, firwat laang Zäit d'Pfandbréiwer nëmmen am Land selwer an net iwwert d'Grenzen ewech gehandelt konnte ginn.

Mä just déi geographesch Barrière ass mat eisem Gesetz vu '97 ewechgeraumt ginn. Domat gouf de Wee fräi gemaach fir de grenziwwerschreidende Pfandbréifhandel, mat deem sech virun allem öffentlech Kollektivitéiten, déi jo am Prinzip net kënnen faillite goen, uechtert d'Welt finanzéieren.

Déi fënnf Pfandbréifbanke bei eis haten Enn Juli 35 Milliarden Euro Kreditter an hire Bicher stoen, wat engem Undeel vu 5% vun allen Engagementen vun der Plaz entsprécht. Schonn eleng dat justifiéiert wuel, datt een dat Instrument soignéiert a vun Zäit zu Zäit erëm op Héichglanz wichest.

Dat soll elo mat dësem Gesetz geschéien, dat ënner anerem niewent de Pfandbréiwer, déi entweder duerch eng öffentlech Kollektivitéit wéi Gemengen oder Regiounen oder duerch ugemessenen Hypothéiken ofgedeckt sinn, och déi Pfandbréiwer unerkennt, deenen hir Garantien aus natierlech bétonsséchere Wäertpabeiere bestinn.

Ausserdeem soll et an Zukunft méiglech sinn, och iwwer Succursalen, oder op Däitsch Niederlassungen, Pfandbréiwer uechtert d'ganz OCDE ze vermaarten, wat allerdingen den etabléierten Instituter, déi all als S.A., dat heescht als voll Lëtzebuerger Gesellschaften bei eis funktionnéieren, net esou richtig schmaacht. Si musse sech elo mat där neier Konkurrenz ufrënnen, déi schonns an de Startlächer steet fir de Maart vu Lëtzebuerg aus opzehuelen.

Zweete Volet vun der Produktverbesserung: d'SICARen; fir den Normalstierfleche Société d'investissement en capital à risque. Dëse Finanzvehikel, deen de Législateur viru véier Joer lancéiert huet, ass zu enger vun deene sëllege „success stories“ vun der Plaz ginn.

Entre-temps si bei der CSSF iwwer 200 SICARen enregistréiert, wat beweist, datt de Maart op dëst Instrument gewaart hat an datt et eng gutt Iddi war, fir nieft deenen üblechen Investmentfongen, déi fir de Grand public geduecht an duerfir entsprechend encadréiert a reglementéiert sinn, och e Vehikel ze schafen, deen op de sougenannten Investisseur averti, also souzesoen op d'Profien ënnert den Investisseuren zougeschnidden ass.

Déi ënnerscheede sech jo doduerch vun normale Fongeclient, datt si amstand sinn, d'Risiken ofzeweien, wa se a méi gewote Fongen akklammen, an déi dofir net déiselwecht Protektionen brauchen, wéi e gewéinlechen Investisseur. Och hei ginn, genee wéi bei de Pfandbréiwer, opgrond vun der Erfahrung an der Praxis eng Retsch Korrektur virgeholl. Virun allem awer gëtt elo och déi Gesellschaftsform zougelooos, déi sech am beschte fir esou en Instrument eegent,

nämlech d'Société en commandite simple, déi bis dohinne nëmme mat fixem an net mat variablem Kapital funktionnéiere konnt.

Doriwwer eraus däreffe vun elo un och d'Souscriptionsprimen an d'Gesellschaftskapital agerechent ginn, an d'SICARen kënnen sech a méi Kompartimenter opsplécken, wéi dat scho laang de Fall fir hir Schwësterprodukter aus der Fongefamill ass. Dat alles soll d'SICAR nach méi attraktiv maachen an domat eiser Plaz hir Avance op d'Konkurrenz an där hir Produkter ofscherechen oder souguer nach ausbauen.

Deen zweete Reformblock vun dësem Gesetz bezitt sech op déi Institutionen, déi eis Finanzplaz encadréieren, dat heescht engersäits d'Zentralbank an anersäits d'Uwerwaachungskommissioun CSSF an och den Assurancëkommissariat. Och hei geet et ëm déi eng oder aner lichte Modifikatioun, wéi zum Beispill ëm d'Upassung un déi an der Tëschenzäit festgeluechte Regele fir d'Etablissements publics an un de Statut vun de Statsbeamten. Dat ass fir d'CSSF de Fall.

Et geet ëm d'Erlaabnes fir d'Zentralbank, fir periodesch hir Reserven an hiert Kapital ze integréieren, fir eventuell Participatiounen an öffentlechen oder och a privaten Entreprisen ze huelen, a souguer, an exceptionnellë Fäll, Banken, déi a Liquiditéitsschwierigkeete gerode sinn, mat Barem ënnert d'Äerm ze gräifen. Datt dat alt virkënnert, wësse mer jo säit kuerzem. A schliesslech geet et och nach ëm d'Zesummenaarbecht tëschen deenen dräi Uwerwaachungsinstanzen, déi noutgedronge jo och net an hirem Eck kënnen eleng funktionnéieren.

Méi fundamentaler Natur awer sinn déi zwou Froen, déi och mat dësem Gesetz geléist ginn, nämlech engersäits d'Kompetenzopdeeling tëschen CSSF an Zentralbank, an anersäits d'Schafung vun enger legaler Basis fir déi Regeln, déi déi zwou Instanzen hire Schützlingen, also de Banken an anere Finanzprofien, imposéieren.

Bei der Kompetenzopdeeling ass et elo kloer, datt d'CSSF all d'Finanzacteuren, ausser den Assurancen, kontrolléiert an dofir vun deene mat allem méiglechen Zuelematerial muss gefiddert ginn. Dat ass eigentlech näischt Neies. D'Zentralbank hiersäits ass fir d'Liquiditéitsfroen, also fir d'Versuerge vun de Banke mat barem Geld zoustänneg, an ass dofir och op d'Informatiounen aus de Banken ugewisen.

Et ass net esou, wéi d'Chambre de Commerce an hirem Avis geschriwwen hat, datt d'Bankekontroll duerch déi zwou Instanzen zugläich, an zwar „sous l'égide de la Banque centrale“, geschéie soll. A Wierlechheet këmmert jidderee sech ëm seng Missioun, och wann et gewëssen Uwer-schneidunge bei deene Missiounen gëtt an dofir eng Zesummenaarbecht tëschen Zentralbank an CSSF onëmgängelech ass.

Op d'mannst esou wichteg wéi dës Clarificatioun awer ass wuel, datt mat dësem Gesetz d'Richtlinnen an d'Oploen, déi d'CSSF an d'Zentralbank de Finanzacteurs maachen, elo endlech op e séchere legale Buedem gestallt ginn. Bëid Aariichtunge sinn nach relativ nei am Land an hunn dofir hire Wee an de konstitutionelle Kader vun eisem Stat nach net esou richtig fonnt. Dat huet an der Vergaangenheet ëmmer erëm zu Reiwerie mam Statsrot gefouert, deen, wuel zu Recht, drop higewisen huet, datt d'Circulären an aner Edikter vun CSSF an Zentralbank eigentlech keng gesetzlech Kraaft dierften hunn, well déi zwou Instanze méi oder weëneger ausserhalb vun der Gesetzesmaschinerie funktionnéiere géifen.

Fir deem opzehëllefen, kréien d'Zentralbank an d'CSV...

(Interruptions)

D'CSSF, pardon!

(Hilarité)

Et wär ganz schéin, lauschtert, wat elo kënn...

Fir deem opzehëllefen, kréien d'Zentralbank an d'CSSF elo ganz offiziell d'Recht, an hirem jeeweilige Beräich verbindlech Regeln - an Dir hutt Iech ze fréi gefreet -, verbindlech Regeln, assortéiert mat entsprechende Sanktiounen, ze imposéieren, an zwar an der Form vu Reglementer. Domat wier och déi leedlech Sträifro vun der legaler Kompetenz vun deenen zwou Instanzen ee fir allemol geléist.

Esou wäit dat, wat ursprénglech am Text vum Projet de loi stoung a wat dann och am grouse Ganze Gnod fonnt huet, souwuel an den Ae vum Statsrot wéi an deene vun der Europäescher Zentralbank. Esou wäit déi zwee genannte Gremien nach Beanstandungen haten, gouf hinne mat dräi Amendementer zum ursprénglechen Text Rechnung gedroen. Just en zweeten Avis

Dat ass elo keen „bank bashing“, dat ass einfach eng Konklusioun, déi een aus deem muss zéien, wat an de leschte Wochen a Méint a Jore geschitt ass.

Mir begréisse selbstverständlech, dass och d'Surveillance méi kloer gëtt, dass d'Kompetenzen tëschent der CSSF an der Banque centrale méi kloergemaach ginn.

Mir hoffen, dass d'Koordinatioun vun der Surveillance an och d'Zesummenaarbecht vun den zwou Institutiounen gutt fonctionnéiert. Mir wëssen, dass jiddfer Betrib am Stat ëmmer e bëssen eng Festung ass an d'Zesummenaarbecht net ëmmer esou einfach ass. Mä besonnesch an enger schwie-reger Situatioun misst dat méiglech sinn.

Eng Fro dreift mech natierlech ëm. Dat ass déi vun der Surveillance vun internationale Gruppen, well mer gesinn hunn, dass souwuel bei Fortis wéi bei Dexia déi Surveillance um nationale Plang wuel fonctionnéiert huet, mä um internationale Plang net fonctionnéiert huet, oder op jidde Fall net esou fonctionnéiert huet, fir dass Saachen, déi zum Beispill bei der Dexia Schwieregkeete bruecht hunn, wou een Element vun Dexia mat enger Firma eben de ganze Grupp a Schwieregkeete bruecht huet, net virkommen.

Dofir gëtt jo och an Europa vill diskutéiert iwwert d'international Surveillance. Et gëtt diskutéiert, ob ee soll een europäesche Régulateur maachen. Mir hunn als Lëtzebuerger ëmmer vertratt, dass mer dat net wëllen. Mä mir hunn awer vertratt, dass mer eng staark Koordinatioun, besonnesch wat international Finanzgruppen ugeet, ustriewe sollen. Do wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint Neies um europäesche Plang héieren. Dat ass expressément an all deene Kriseréuniounen, déi elo stattfonnt hunn, gesot ginn.

Selbstverständlech, mir ënnerstëtzen d'Regierung an hirer Aktioun, fir der Bankeplaz an der internationaler Kris ze hëllefen a besonnesch déi zwou systemesche Banken ze retten. Dofir si mer mat deem Emprunt vun dräi Milliarden d'accord. Dat ass wierklech eppes, wat effektiv kee sech virun zwou, dräi Wochen iwwerhaapt konnt virstellen, dass mer esou en Emprunt géifen ophuelen.

Mir hoffen, dass mer déi Schold schnell kënnen ofbezuelen an dass mer vläicht och nach fir dee Risque, dee mer do huele fir de Stat, fir d'Allgemengheet, en Advantage erauszéien. Mä fir den Abléck ass et keng virtuell Schold, mä et ass eng reell Schold op dem Bockel vun de Lëtzebuerger, vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen a Steiere bezuelen. Dofir ass dat natierlech fir all Deputéierten, deen derfir stëmmt, e groussen Engagement.

Déi weider Développement, déi nach amgaange sinn, kënnen mer fir den Abléck net iwwerkucken. Besonnesch och net dat, wat d'Lëtzebuerger Regierung vu Verlichtungen huet vis-à-vis vun der Finanzplaz. Ech menge schonn, dass d'Renommee vun enger internationaler Finanzplaz, wéi Lëtzebuerg eng ass, um Spill steet. Déi Renommee ass eng Erausfuerderung fir d'Lëtzebuerger Regierung, fir ze kucken, wat fir Verlichtunge se vis-à-vis vun där Finanzplaz huet.

Mir Sozialisten hunn e Jo zu deem Projet de loi hei, mä mat Nodenklechkeet, well mer gesinn, dass d'Finanzwelt zwar oft vill Profitter schaaft, mä heiansdo och vill Problemer bréngt. Déi muss ee géinteneen ofweien, wann een esou Gesetzer mécht.

Merci, Här President.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Den honorabelen Här François Bausch huet d'Wuert.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass natierlech ëmmer batter, wann een als Véierten drukéint a wann de Virriedner dat seet, wat een och selwer wollt soen.

Mir als gréng Fraktioun hu genau déi nämlech Iwwerleeunge gefouert, oder déi féiere mer de Moment, déi den Här Fayot am Numm vu senger Fraktioun hei virgedroen huet. Mir wäerten dee Projet an stëmmen, an zwar déi zwee Volete vun deem Projet.

opgeholl huet, an ob déi Autorisatioun dann do nach noutwendeg ass oder vläicht bei enger nächster Geleeënheet eng Kéier kann, sief et zrëckgefouert ginn, sief et ganz ofgeschaf ginn, well soss jo reng theoretesch a 15, an 20 Joer iergendwann eng Kéier e Budgetsminister awer kéint méindes moies bei d'Chamber kommen a soen: Elo hunn ech nees eng Bank kaaft. An d'Chamber eigentlech net hätt kënnen matdiskutéieren.

Et ass jo och hei esou, dass envisagéiert ass an datt och déi Meenung breet gedeelt gëtt hei am Haus an och tëscht dem Parlament an der Regierung, datt et och do nëmmen temporär Participatiounen solle sinn an deene Banken, an een dann dovunner ausgeet, wann alles gutt geet - an dat hoffe mer jo ganz, ganz staark -, an eigentlech si mer jo fest dovunner iwwerzeegt, datt duerno, wann d'Regierung hir Participatioun an der BGL-BNP Paribas eng Kéier zrëckschrauft respektiv opgëtt, och Moyenen do sinn, fir deen Emprunt do zrëckzebezuelen. Datselwecht gëllt fir déi Participatioun an der Dexia.

Duerfir ass dat, wat de Lucien Thiel virdro gesot huet, wouer, datt mer mat deem Emprunt hei zwar eis Statsschold an d'Luucht setzen, awer jo eigentlech och nëmmen eng virtuell Statsschold, well op där anerer Säit mer dovunner ausginn, datt mer déi hoffentlech relativ schnell kënnen zrëckbezuelen.

An et ass jo och eppes, wou mer eppes derfir kréien. Mir kréie Participatiounen a grouse Bankhaiser, an dat jo awer och a Bankhaiser, an dat wësse mer, déi gesond sinn, déi net duerch hiert eegent Verfehlen a Schieflag komm sinn, mä eben duerch d'Verfehlungen an hire Maisons mères am Ausland an duerch déi Auswierkunge vun der grousser internationaler Finanzkris a Schwieregkeete komm sinn.

Finalement kënnen mer wierklech dovunner ausgoen, datt de Stat dann hei, och wann e sech elo temporär verschëllt, ënnert dem Stréch herno - an engem Joer weess ee wahrscheinlech scho méi - erëm dat dote kann zrëckbezuelen.

Mir wäre frou, a bis ewell huet et op jidde Fall esou ausgesinn, wann d'Parlament kéint e Suivi maache vun all deenen Engagementer do, net nëmme géif wëssen, wéi vill vun deenen dräi Milliarde wéini a fir wat fir eng Zwecker da genee gebraucht ginn ass, well de Budgetsminister huet och gesot, datt hie fir déi eng oder aner Operatioun och bereet wär, eventuell iwwert d'Trésorerie vum Stat ze fueren, mä och op där anerer Säit all Kéiers géif informéiert ginn, wéi et dann am Dossier Dexia an am Dossier Fortis wär, fir als Parlament och do kënnen mat um Ball ze bleiwen an, wann et da muss sinn, eng Kéier eng Hand mat unzepaken.

Ech soen lech Merci, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Nolauschteren. Falls Dir et net sollt eraushéieren hunn, versécheren ech lech, datt mer dese Projet de loi wäerte stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Meisch. Den honorabelen Här Ben Fayot huet elo d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. Hien huet e bësse Business as usual gemaach, wéi wann eigentlech näischt geschitt wär elo déi lescht Wochen, an och wéi wa mer gëschter net iwwer eppes geschwat hätten, wat iergendwéi dorëmmer an der Welt oder an Europa lass ass.

D'Finanzplaz méi attraktiv maachen, nei Produkter bréngen, d'Surveillance verbessern: Et muss een d'Fro stellen - wat d'Produkter nach méi zahlreich ginn, wat se nach méi sophistiquéiert sinn -, wéi staark dann d'Surveillance ass, ob se dat alles wierklech esou ka surveilléieren, wéi dat wëschenswäert wär, wéi mer jo an der Finanzkris gesinn hunn, well et risquéiert Produkter waren, déi zu där Kris gefouert hunn.

Ech hätt mer vum Rapporteur, deen e Spezialist vun de Banken ass, e bëssen Nodenklechkeet gewënscht, fir just an deem Abléck, no deem, wat mer gëschter hei vum Statsminister héieren hunn, déi Nodenklechkeet och virum Vollek kundzedoen.

Ech hunn näischt dergéint, wann d'Plaz méi attraktiv gëtt, mä ech hätt wierklech gär, dass mer nëmmen déi Produkter maachen, déi keng systemesch Risquen a sech biergen an déi wierklech dann och de Leit, de Spuerer, den Entreprisen d'Sécherheet ginn, dass déi Produkter an déi Verlichtungen, déi an deene Produkter leien, och kënnen vun de Banken agehale ginn.

leche Rapport. Dat erlaabt mer et, net méi op all Detail mussen zrëckzekommen, souwuel op den initiale Projet de loi, wou jo souguer schonn an der Finanzkommissioun vun deem Haus de Rapport ugehall gouf, wéi dann och op deen Deel, wou mer finalement nach drugehaangen hunn, dee jo extrem wichteg ass, fir der aktueller Finanzkris kënnen ze begéinen.

Den initialen Deel, de Rapporteur huet et gesot, betrëfft eng Rei vun éischter punktuelle Modifikatiounen, wat d'Gesetzgebung ubelaangt iwwert d'Pfandbréiwer, iwwert d'SICARen, wat d'Modifikatiounen vum Kader vun der CSSF a vun der Banque centrale ubelaangt, gradesou wéi och vum Assurancësecteur. Déi Punkten do kënnen op jidde Fall d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei hei am Haus fannen.

Am Deel, deen drugehaange ginn ass - an do hätten déi Allermeescht wahrscheinlech heibanne virun e puer Wochen d'Welt net méi verstanen, wa mer deen eng Kéier virfonnt hätten -, freet d'Regierung d'Chamber, fir d'Autorisatioun ze kréien, dräi Milliarden Euro Emprunt opzehuelen an dann dat Geld a Banken ze investéieren, u Banken ze verléinen, Titrë vu Banken ze kafe respektiv bei Banke weider ze placéieren, fir se ze stabiliséieren.

Nun, d'Welt ass net méi esou, wéi se nach virun e puer Woche war, an duerfir fënnt eben och déi dote Propos d'Zoustëmmung, eng breet Zoustëmmung, wéi mer jo alleguerte kënnen unhuelen, hei am Parlament.

Et ass en Emprunt vun dräi Milliarden, deen d'Regierung hei wëllt ophuelen, an dat, fir ebe wéi scho gesot an aner Banken ze investéiere respektiv ze verléine respektiv stabiliséierend anerersäits kënnen anzegräifen.

No dem Weekend, dem éischte Weekend, wou d'Fortis diskutéiert ginn ass tëschent de Regierungen, et muss een an deem Fall soen, an der Fortis an aneren eventuelle privaten Investisseuren, huet d'Finanzkommissioun deen Dag drop hiren Accord ginn zu deem, wat do ausgehandelt ginn ass, huet awer gläichzäiteg direkt gesot: Am léifsten hätte mer, datt mer dat, wat do ofgemaach ginn ass, och am Parlament kéinte matstäipen.

Mir hätten op där anerer Säit Schwieregkeete gehat ze verstoen, datt d'Regierung - oder an deem Fall de Budgetsminister - iwwert de Weekend quasi, fir et emol salopp auszedrëcken, eng Bank oder en Deel vun enger Bank géif kafen a méindes moies bei d'Parlament géif kommen a soen: Elo hunn ech dat dote gemaach.

An deem Fall hu mer et alleguerte verstanen a kënnen et novollzéien. Allerdéngs fanne mer et net normal, datt dat eigentlech geet. De Budgetsminister huet eis erklärt, datt hien der Meenung ass, datt dat iwwert d'Kontabilitéitsgesetz méiglech wär an och iwwert d'Trésorieriesgesetz méiglech wär. Och dat kann een novollzéien.

Trotzdeem géif ech et net gutt fannen, wa mer dat doten einfach esou gemaach hätten, esou zougelooost hätten, ouni deen Engagement vum Stat dann och hei am Parlament kënnen guttzeheeschen.

Dir wësst, wéi oft an a wat fir engen Envergurë mer heiansdo hei diskutéieren, fir an der Envergure am Verglach vill méi - dat muss ech bal soen - bedeitungslos Investitiounen an Engagementer vum Stat vum Parlament ofzeseenen. Do hu mer déi berühmte Limite vun de siwe Milliounen Euro.

Wann iergendzwousch eng Landstrooss méi grondleeënd nei gemaach gëtt, wann iergendzwousch eng Bréck gebaut gëtt, muss d'Parlament zoustëmmen.

Nun, hei geet et awer ëm Engagementer, déi wéi am Fall Fortis sech op 2,5 Milliarden Euro belafen, an och do ass et nëmmen normal, datt d'Parlament deem soll zoustëmmen.

Mir begréissen dann och, datt d'Regierung ganz schnell mat op deen dote Wee gaan- gen ass, fir eben där Rettungsaktioun am Dossier Fortis an och am Dossier Dexia kënnen e parlamentarescht Standbeen ze ginn.

Ech hätt mer eigentlech gewënscht, datt an deem Amendement hei och eng zäitlech Limite virgesi gewiescht wär, bis wéini d'Regierung dann d'Recht huet, fir déi dräi Milliarden do opzehuelen. Nun, dat ass net zrëckbehale ginn. Dat huet mech awer bis ewell nach net derzou iwwerzeegt, fir dese Gesetzesprojet net ze stëmmen. E fënnt also eis Zoustëmmung.

Ech wëll awer ze bedenke ginn, datt een iergendwann eng Kéier, wann d'Welt dann erëm esou ass, wéi se viru véier Woche war, emol soll drop zrëckkommen a kucken, wéi et sech elo entwéckelt huet, ob d'Regierung déi dräi Milliarden oder en Deel dovunner

vun der Europäescher Zentralbank ass net méi berücksichtegt ginn, an dat net nëmmen, well en e bësse spéit agelaf ass, mä well d'Regierung fonnt huet, hie géif fundamental Froen opwerfen, déi méi genee ënnersicht misste ginn, déi dann an zwee aner Projeten, déi souwisou an Ausaarbechtung sinn, verschafft kënnen ginn.

Elo kéime mer dann zu deem Deel, deen eréischt am allerleschte Moment als fënnefte Punkt an den Text eragequëtscht gouf - duerfir feelt en och am Intitulé - an deen et nawell a sech huet. Rieds geet hei vun der Autorisatioun, mat där d'Parlament dem Trésorminister d'Dier opmécht, fir en Emprunt vun dräi Milliarden Euro ze maachen. Dat sinn ëmmerhin 120 Milliarden eiser aler Frang, oder een Drëttel vun eisem Statsbudget. Mä dee brauch eisen Trésorminister, fir d'Rettungsaktioun fir zwou vun eise gréisste Banke finanzéieren ze kënnen.

Dir wësst all heibannen, wat an de leschten Deeg a Wochen op de Finanzmäert lass war, an Dir wësst och, wat dat fir eis eege Finanzplaz bedeit huet. Zwou vun eise Lëtzebuerger Traditionnsbanke sinn, net duerch hir Schold, mä duerch déi vun hiren auslännesche Mammen, an natierlech och duerch déi verréckte Finanzkris uechtert d'Welt, an d'Rutsche geroden an hu misse vum Stat mat Milliarde gestäipt ginn.

An engem éischten Tour huet de Lëtzebuerger Stat 2,5 Milliarden Euro an d'Fortis gepompelt, déi elo net méi Fortis, mä BGL-BNP Paribas heescht, an 376 weider Millioune sinn an d'Dexia-BIL gefloss, déi einstweilen emol nach weider Dexia-BIL heescht. Domat sollen déi zwou Banken, déi opgrond vun hirem Gewiicht an eiser Ekonomie an hirer Vernetzung mam Rescht vun der Plaz e systemesche Risque duerstellen, virum Ausdréchne bewahrt ginn. Dobäi gounge et an éischter Linn der Regierung dodrëm, d'Dépôte vun deene sëllege Lëtzebuerger Clienten ze retten, an natierlech och déi bal 8.000 Aarbechtsplazen an deenen zwou Banken ze erhalen.

E puer Deeg no där Operatioun gouf nach eng Kéier eng Garantie vu 4,5 Milliarde fir d'Dexia nogeschoss, mat där där hir Ausstänn bei anere Banken an den nächsten zwielef Méint ofgedeckt ginn, dat heescht hir Bonitéit an hir Glafwierdegkeet erëm hiergestallt gëtt. Well et sech awer hei ëm eng Garantie an net ëm eng Bedeelegung handelt, brauch den Trésorminister einstweilen nach net an d'Täsch ze gräifen. Dat wier eréischt de Fall, wann eppes sollt schifgoen an d'Dexia net méi bezuele kéint.

Den Emprunt, dee mir mat deem Gesetz ofseene sollen, an deen, wéi och de Rescht vun där massiver Rettungsaktioun, an der Finanzkommissioun déi voll Ënnerstëtzung vu sämtleche Parteie fonnt huet, wäert dozou dëngen, déi direkt Engagementer oder Participatiounen vum Stat bei Fortis Lëtzebuerg an Dexia-BIL ofzedecken. D'Garantie fir d'Dexia fält, wéi gesot, do net drënner, an de Budget gëtt och kengesfalls an deem Moment dovunner belaascht. Nuren d'Statschold wäert vun elo ëm déi 7 op 13% vum PIB klammen, wat zwar net näischt ass, mä nach ëmmer wäit ewech vun deene 60% ass, déi als iewescht Limite an de Maas-trichtkritäre stinn.

Mir hunn eis an der Budgets- a Finanzkommissioun des Laangen an des Breeden doriwwer ënnerhalen, wéi de Législateur mat deem Emprunt soll ëmgoen, deen ëmmerhin all Rekorder brécht. Well den Artikel 99 vun der Verfassung virschreift, datt all Stats-emprunten duerch e Gesetz ofgeseent musse ginn, an d'Regierung doriwwer eraus och fonnt huet, datt et politesch nëmme korrekt wier, wann een dës eemoleg Operatioun mam ausdrécklechen Accord vun der Chamber duerchzéie géif, ass do no deem séierste Wee fir déi Operatioun gesicht ginn.

Hei ass en! Et ass deen, deen ech lech elo grad virgestallt hunn. Et ass elo un eis fir ze décidéieren, ob mer dee Wee matginn oder net. Är Budgets- a Finanzkommissioun ass jiddefalls der Meenung, et géif kee besse- ren. Deem schléisst sech och d'CSV-Frak- tioun un, där hiren Accord ech heimat ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Claude Meisch (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischt, dem Rapporteur, dem Lucien Thiel, Merci ze soe fir déi detailléiert Explikatiounen, souwuel am schrëftleche wéi och elo grad hei am mënd-

Bon, dat ass elo vläicht kee Reproche, deen een direkt dem Rapporteur ka maachen, vu datt déi Ereignisser sech och iwwerstierzt hunn an dee Projet eigentlech an engem anere Geescht zustane komm ass, wat wahrscheinlech och dozou gefouert huet, datt ee keng grouss Iwwerleeunge konnt an dësem Rapport hei maachen.

Mä nach musse mer ons iwwerleeën - an do ginn ech dem Här Fayot Recht -, datt mer an Zukunft bei allen neie Finanzprodukter, déi mer schafe fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg, déi doten Iwwerleeunge mat abauen an alles dräimol kritesch hannerfroen, wat mer maachen. Well aus deene Grënn, wéi hei gesot ginn ass, kann dat alles herno e schéine Bumerang no hanne ginn, jee nodeem wat ee mécht.

Ech mengen duerfir, datt mer och an der Zukunft an der Finanzkommissioun vläicht gutt géifen drun doen, all déi Projeten do, wa mer se analyséieren, net nëmmen ausschliesslech vun engem finanztechnesche Volet aus ze kucken. An zwar aus engem finanztechnesche Volet wat et dann der Finanzplaz kuerzfristeg bréngt, wat fir eng nei Marchéen een doduerjer kritt, mä datt ee vläicht och ëmmer méi déi makroekonomesch Analysen eng Kéier derbäi mécht, an dann déi Iwwerleeungen do bei all deene Projekte matféiert.

Et ass wichteg, datt mer dat maachen, well soss riskéiere mer och, jee nodeem wann d'Kris sech - wat mer jo alleguerten hoffen - awer elo iergendwa berouegt an nach e gutt Enn fënnt - an dat ass normal beim Mënsch -, dass déi Léieren net gezu ginn, déi mer am Fong mussen heirauser zéien. Respektiv mir riskéieren, séier erëm an den normalen Alldag iwwerzegoen a vergiesslech ze sinn. Da riskéiere mer déiselwecht Feeler nach eng Kéier ze maachen. Duerfir solle mer an Zukunft all déi Projeten do aus deem Liicht ëmmer eng Kéier kucken an analyséieren.

Fir de Rescht wëll ech dem Rapporteur awer Merci soe fir de Rapport, bei deem ech vun der technescher Analys hier mat allem d'accord sinn; ausser natierlech deen ee Punkt, deen hien zwar duerno erëm korrigéiert huet, wou hie gesot huet, hie wëlt der CSV hei méi Rechter verschafen. Mä fir de Rescht kënne mer mat allem d'accord sinn.

Ech wëll dann zum zweete Volet awer Stellung bezéien a soen, datt ech am Numm vu menger Fraktioun frou sinn, datt dee Wee fonnt ginn ass, fir där Operatioun, déi mer mat deenen zwou Banke maachen, haut e rechtliche Charakter ze ginn duerch de Fait, datt mer dat am Gesetz ugaange sinn an och hei duerch e Vote vun der Chamber eigentlech der Regierung souzesoe Réckendeckung gi fir déi jo awer net onwesentlech Operatioun, déi do gemaach gëtt.

Ech mengen, datt et wichteg ass, datt hei all Fraktioun sech konnt dozou bekennen. Dat stäerkt jo och nëmmen am Endeffekt d'Operatioun. Et ass awer och wichteg, datt mer an engem gewëssene legale Kader bleiwen, dee mer jo awer ganz staark uwendend bei ganz villen anere Projeten, déi net am finanzielle Beräich unzesiedele sinn, mä zum Beispill éischter am Bauteberäich, wou mer an der Zwëschenzäit ganz streng gi si mat Engagementer par rapport zur Regierung. An där Hisiicht ass et awer och, wann een et heiansdo kuckt, wéi mer dat gehandhaabt hunn.

D'Regierung huet eis an der Finanzkommissioun relativ gutt am Detail doriwwer informéiert. Mä datt mer dee Wee schnell fonnt hunn, fir och de Vote kënnen iwwer e Gesetz an der Chamber ze huelen, beweist awer, wann de Wëllen do ass an esou Situatioune wéi där doter, datt dann och e Wee ka fonnt ginn, fir relativ schnell esou ze handelen, datt et och rechtlich an der Rei ass.

Dat solle mer eis och verhalten, well mer jo oft, wann et ëm méi kleng Saache geet am Bauteberäich, mengen, et géif keng Weeër ginn. Wann de Wëllen do ass, da fënnt een och déi Weeër. Duerfir si mer frou, datt mer deen esou hei ginn. Fir de Rescht wäert eis Fraktioun dee Projet mat sengen zwee Volete stëmmen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Bausch. Dann huet den honorabelen Här Gibéryen d'Wuert. An als Leschte kënnt den Här Jaerling drun.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop och e Wuert vu Merci un de Rapporteur, de Kolleeg Lucien Thiel. Dat hei wier am Prinzip e Projet gewiescht, bei deem ech dervun ausginn, wann net déi aktuell Situatioun agetratt wier, datt am Fong just de Rapporteur geschwat hätt an déi meescht Fraktiounen dann heibannen hir Zoustëmmung ginn hätten. Mä aus der aktueller Situatioun eraus op der Finanzplaz wësse mer, datt ee Volet bäikomm ass an deene leschten Deeg, an datt dëse Projet eng Ajoute kritt huet, andeem datt mer och elo dräi Milliarde stëmmen, fir datt d'Regierung kann en Emprunt ophuelen.

Mir hu gëschter heibannen no der Deklaratioun vum Statsminister alleguer déi Politik, déi vun der Lëtzebuerger Regierung gemaach ginn ass, ënnerstëtzt. Dat heescht an anere Wieder, wa mer gëschter A gesot hunn, da musse mer haut B soen, well d'Konsequenz vun der Politik ass, datt ee se och kann a muss kënne finanzéieren an datt duerfir och d'Lëtzebuerger Regierung muss à même gesat ginn, fir déi ganz Décisiounen, déi an deene leschte Woche geholl si ginn, och kënnen ze finanzéieren.

Duerfir, well mer och alleguer als Parteie verlaangt hunn, datt d'Chamber misst mat implizéiert ginn an déi Prozedur, ass et dann normal an all eise Wonsch gewiescht, datt mer op legislativem Plang hei géifen eng Prozedur fannen, fir kënnen eis Zoustëmmung zu deem groussen Emprunt vun dräi Milliarden, wat menger Meinung no dee gréissten Emprunt ass, deen dës Chamber jeemools gestëmmt huet, ze ginn.

D'Fro, déi sech selbstverständlech stellt, dat ass, wa mer hei en Emprunt stëmmen vun dräi Milliarden - et ass wéi gesot dee gréissten Emprunt, dee mer jeemools gestëmmt hunn; wéi den Här Frieden als Budgets- an als Trésorminister de Budget hei deponéiert huet, dunn hu mer vun enger Statsschold geschwat, déi eventuell géif vu 7 op 10% eropgoen -, duerch déi nei Evénementer musse mer elo wëssen, datt déi Schold hei am Land weider wäert klammen a sech wäert bei 13, 14% apendelen. Dat ass natierlech nach wäit ewech vun deem Seuil, dee gesat ginn ass laut de Maastrichtkritäre vu 60%, mä et muss een awer trotzdem wëssen, wa mer fënnef, sechs Joer zrëckkucken, do hate mer praktesch keng Statsschold, datt also och dat hei zu Lëtzebuerg lues a lues eng Realitéit gëtt.

Quitte datt dat heiten eng Schold ass, déi ee vläicht net wéi all déi aner Scholde kann interpretéieren. All déi aner Scholden, déi mer gemaach hunn, déi an der Regel an eis Fonge ginn, dat sinn Emprunten, déi derzou dënge fir Investitiounen ze maachen a Projeten; Projeten, déi dann net méi récupéierbar sinn. Par contre dëse Prêt, dee mer haut hei ophuelen, kann ënner Ëmstänn och récupéierbar sinn an e ka souguer gewënnbréngend entstoën.

Et muss een awer wëssen, datt dee Prêt hei och kann eng Réperussioun direkt op eise Statsbudget huelen. Well mer wëssen alleguer, wa mer e Prêt ophuelen als Stat, muss de Stat och Zënse bezuelen, a wann de Stat mat 4% géif léine goen, wat üblech ass am Abléck, da misst de Stat vun elo un 120 Milliarden Euro, dat sinn ëmmerhi bal fënnef Milliarden aler Frang, d'Joer als Zënse opbréngen fir de Prêt ze rembourséieren. Wat also dach dann awer eng direkt Réperussioun op onse Statsbudget hätt.

Ee Statsbudget, wou mer alleguer wëssen, deen dëst Joer ganz enk gemooß ass a wou, wann dee rengsten Dérapage géif virkommen, d'Gefor besteet, datt dee Budget vun 2009 schonn net méi därerf opgoen.

Et sinn natierlech eng Rei vu Pufferen hei méiglech, wou mer kënnen déi Zënse kompenséieren. Engersäits wann de Stat higeet an e geet de Banke Gelder léinen, dann ass et normal, an esou wéi d'Regierung dat verhandelt huet, geet d'Regierung zu engem Zënsofuss vu 4% am Fong dat Geld léinen an d'Banke kréien et op där anerer Säit zu engem méi héijen Zënsofuss weiderverléint, esou datt dat am Fong kéint eng Plus-value fir de Statsbudget op deem Niveau ginn.

Op där anerer Säit, wann de Stat de Banke Garantië gëtt, dann hu mer Garantien, déi wuel och net fléissen, mä déi awer vun de Banke musse rémunéréiert ginn, a wann déi Suen hei géifen an Aktien investéiert ginn, da komme mer an eng Situatioun, datt de Stat och eng Kéier kéint Dividende vun deenen Aktië kréien. Woubäi een net dervun ausgoe kann, datt dat ka kuerzfristeg sinn, mä mëttelfristeg kéint dat awer entstoën, esou datt also och kéinte Recetten duerch déi Investitiounen hei entstoën. Mä kuerzfristeg, muss ee gesinn, wäert et eng Belaschtung fir de Statsbudget ginn.

Op där anerer Säit musse mer och wëssen, datt d'Regierung heimat am Fong d'Méig-

lechkeet kritt, nodeem datt den Här Budgetsminister schonn déi 0,5 Milliarden, also 500 Milliounen opgeholl huet, wou e scho vun der Chamber - ech mengen et war 2007 beim Budgetsgesetz - d'Autorisatioun kritt huet, mä duerch déi wirtschaftlech Entwécklung d'Regierung net huet brauchen deen Emprunt opzehuelen; deen Emprunt ass elo opgeholl ginn an ass och scho weidergeleet ginn, esou datt d'Regierung am Fong iwwer 3,5 Milliarden Emprunt verfügt fir kënnen an der Bankekrisesituatioun ze agéieren. Woubäi mer zum jëtzege Zäitpunkt wëssen, datt déi Suen net alleguer bis elo engagéiert sinn, mä an eventuelle Situatiounen, déi mer net hoffen, d'Regierung dann awer op där anerer Säit nach d'Méiglechkeet kritt fir kënnen ze agéieren.

Et ass also hei eiser Meinung no, net wéi verschidde Virriedner gesot hunn, eng reng virtuell Schold. Et ass eng Schold, déi do ass, wou mer och mussen Zënse bezuelen, déi mer kënnen zum Deel vläicht an der Zukunft récupéréieren, mä wou mer nëmme just kënnen hoffen, an ech hunn dat och gëschter hei gesot, datt vun allen Zeenarien, déi mer eis virgestallt hunn, déi optimistesche hoffentlech antrieden, wou dann aus där ganzer Situatioun de Stat ënner Ëmstänn souguer nach kéint e Geschäft maachen.

Mir als ADR hu vun Ufank un déi Décisiounen, déi d'Regierung geholl huet, voll a ganz mat begleet an et ass selbstverständlech wéi ech gesot hunn, wa mer A gesot hunn, musse mer och B soen, datt mer haut och eis Zoustëmmung zu dësem Projet wëlle bréngen.

Ofschléissend géif ech nach soen, datt mer awer frou wieren - esou wéi dat an deene leschte Wochen de Fall war, datt tëschent der Regierung an der Chamber iwwert d'Finanzkommissioun eng absolut a formidabel Transparenz fonctionnéiert huet, wou mer ëmmer eng kloer Aussprooch haten a jidderee seng Responsabilitéit iwwerholl huet -, wann och an Zukunft d'Chamber iwwert de Wee vun der Finanzkommissioun ëmmer informéiert géif ginn, wéi wäit d'Regierung deen Emprunt hei ophélt an a wat fir eng Richtung datt déi Suen investéiert ginn an och wat d'Konsequenze vun deenen Investitiounen sinn, ob et a Richtung vun Aktienukeef oder a Richtung vu Garantië gaangen ass, oder ob et a Richtung gaangen ass vu Liquidatiounen zur Verfügung ze stellen.

Insgesamt gesi schénge et mir, no all deenen Diskussiounen, déi mer haten, datt d'Regierung elo am Fong genuch Moyenen hätt iwwert de Wee vun den Emprunten, fir déi ganz Krisesituatioun am Finanzsecteur ze finanzéieren, ouni mussen an d'Trésorerie vum Stat eranzegoen.

Mir hu selbstverständlech an der Trésorerie vum Stat Gelder leien, relativ vill Gelder, mä dat sinn awer Gelder, déi gréisstendeels hierkomme vun eise Fongen, Gelder, déi also engagéiert sinn, a wou et eiser Meinung no net richtig gewiescht wier, wa mer elo higaange wieren a mir hätte Gelder aus der Trésorerie geholl fir se an d'Restrukturatioun vum Finanzsecteur ze investéieren, well dat eben och zur Konsequenz hätt, datt mer déi Suen, wa mer se an engem oder an zwee Joer bei de Fonge brauchen, net méi hätten.

Esou datt ech dervun ausginn, datt d'Regierung elo mat dëse Moyenen net brauch direkt an d'Trésorerie vum Stat ze goen an datt de Stat dann och do seng Liquidatioun behält, fir déi Investitiounen, déi an de Budgete stinn, déi an dësem Parlament gestëmmt si ginn, och kënnen an den nächste Joren ze realiséieren. Well dat och wichteg a grad elo wichteg ass, datt mer als Stat higin a vill a grouss Investitiounen maachen, fir domadder eis Economie um Lafen ze loossen.

Duerfir, wéi gesot, mir kënne mat dësem Projet d'accord sinn; wien A seet, muss B soen, an duerfir eis Zoustëmmung zu dësem Projet.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Als leschte Riedner huet den honorabelen Här Jaerling d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Nodeem dass meng Virriedner alles scho gesot hunn, wat ech eventuell hätt kënne soen, brauch ech elo näischt méi ze soen a ginn nach just meng Zoustëmmung.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Budgets- an Trésorminister Luc Frieden huet d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härën Deputéierten, och an Zäite vun

enger graver internationaler Finanzkris geet d'Liewen op der Finanzplaz weider. A grad da muss d'Liewen op der Finanzplaz an an der Economie weidergoen.

Duerfir ass et - wann et och Zoufall ass - gutt, datt dëst Gesetz a senger initialer Form elo zur Ofstëmmung kënn. Well ech hätt gären, d'Regierung hätt gären, datt déi Aktivitéiten, déi mer do hunn, op eng gutt iwwerluechten an, jo, op eng virsichteg Aart a Weis och weiderentwéckelt ginn, an dee Projet de loi, deen hei vum honorabelen Här Thiel exposéiert ginn ass, huet zum Zil, eben eng Rei Mechanismen auszebauen, ze verbessern, déi mer zu Lëtzebuerg hunn an déi sécherstellen, datt och an Zukunft op där Finanzplaz Aktivitéite stattfannen, datt och an Zukunft op där Finanzplaz Leit eng Schaff fannen. An deem Sënn ass déi Gesetzgebung iwwert d'Pfandbréiwer, iwwert d'SICARen an aner Dispositiounen wichteg.

Duerfir soen ech der Chamber an och dem honorabelen Här Thiel Merci fir déi gutt Aarbecht an deem dote Kontext.

Selbstverständlech deelen ech d'Meinung vum Här Fayot, datt een net egal wat därerf op där Finanzplaz maachen an datt vläicht och d'Lektioune vun där Kris sinn, datt een alles, net nëmmen hei zu Lëtzebuerg, mä iwwerall muss iwwerkucken, ob alles iwwerschaubar war, ob all d'Risquen ëmmer richtig abschätzbar waren, an et ass dorophon, wou ee muss schaffen.

Ech mengen, datt déi Produkter, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, gréisstendeels, wann net souguer ganz, an d'Kategorie vun deem Seriösen an Iwwerschaubare falen.

Et ass och kloer, datt mer där internationaler Zesummenaarbecht musse Rechnung droen, déi um Bankenniveau besteet. Duerfir ass d'Lëtzebuerger Regierung der Meinung, datt déi bescht Solutioun déi ass vun enger enker Zesummenaarbecht vun den Iwwerwachungsorganen, net engem groussen Organ, wat iergendwou an Europa géif setzen, mä vun engem Collège vun Iwwerwaacher, déi och déi Gruppe mussen zesumme kucken, vun deene Filialen an eenzelne Länner vun der Europäescher Unioun sinn.

Ech muss och iwwregens soen, datt am Fall vun deenen zwou Banken, mat deene mer an deene leschte Woche vill ze doen haten, d'Kooperatioun, d'Koordinatioun tëscht deenen eenzelnen Organen, bei eis d'CSSF, an deenen anere Länner hir Contrepartien, gutt fonctionnéiert huet, mä dat muss een nach verbessern.

Dat Gesetz hei ass och effektiv utile, fir der Banque centrale hir Zoustännegkeeten ze präziséieren, ech géif soen ze confirméieren. Dat ass ganz normal, datt eng Zentralbank, heiheem wéi am Ausland, zoustänneg ass fir d'Liquiditéiten. Ob een dat huet misse an dëst Gesetz schreiwen? Ech mengen, et wär gutt, wann een et an d'Gesetz schreift, da gëtt et keng Diskussioun doriwwer, wie fir wat zoustänneg ass. Fir mech ass dat Gesetz hei eng Confirmatioun vun de Kompetenzen, déi d'Lëtzebuerger Zentralbank muss hunn, déi dat och an dësen Deeg op eng ganz gutt Aart a Weis an an enker Kooperatioun mat der CSSF a mat der Regierung iwwert d'Bühn kritt.

Da géif ech gär e Wuert soen iwwert dee Volet, deen a leschter Minutt, selbstverständlech wéinst deenen Evénementer, bäikomm ass an deen, ech si mer däers ganz bewosst, eng exceptionell Dimensioun huet.

D'Lëtzebuerger Regierung huet an deene leschte Wochen, a besonnesch ugefaangen um Weekend vum 27. an 28. September, op eng schnell an determinéiert Aart a Weis, par rapport zu Problemer am Bankesector - bei Fortis fir d'éischt, bei Dexia duerno -, gehandelt. Ideal an normal wier gewiescht, datt, wann e Problem besteet, deen eng privat Maartléisung géif fannen. Leider ass et esou, datt d'Privatwirtschaft net à même ass, op engem Weekend esou Décisiounen ze huelen, well eng ganz Rei Iwwerpräiwungen, eng ganz Rei Gespréicher stattfonnt hunn an hu misse stattfannen, fir datt esou eng Solutioun vun Ufank u méiglech war.

D'Regierunge waren déi Eenzeg, déi à même waren, op eng schnell Aart a Weis - dat heescht d'Regierung vu Lëtzebuerg, der Belsch an Holland, an an deem zweeten Dossier vu Lëtzebuerg, der Belsch a Frankräich - zesummen eng Léisung ze sichen, déi d'Soliditéit vun de Banke schnell erëm konnt herstellen. Et ass duerfir, datt mer - ouni datt mer bis an de leschten Detail all Chifferen iwwerpräiwe konnten, mä an der fester Iwwerzeegung, datt, wa mer net géifen agräifen, et géif zu Panikreaktiounen kommen, an d'Veraue vun de Clienten an d'Banken, an d'Relatiounen tëscht de Banken total zerstiéiert wären - decidéiert hunn, schnell anzegräifen. Fir d'éischt

duerch eng Rekapitalisatioun vun de Banke Fortis an Dexia, fir d’Zweet bei deem engen, andeem mer en internationale Bankpartner gesicht hunn, a bei där anerer Bank, andeem mer fir d’Interbankgeschäft, fir de Refinanzement um Marché interbancaire, eng Statsgarantie ginn hunn.

Déi Rekapitalisatioun vun deenen zwou Banken, Fortis an Dexia, kascht selbstverständlech Geld. Wann ee Suen an eng Bank eragëtt, da muss een duerfir eppes bezuelen, a mir hunn eis engagéiert bei der Fortis 2,5 Milliarden ze bezuelen a bei der Dexia ronn 0,4 Milliarden. Domadder kritt de Lëtzebuerger Stat natierlech eng Contrepartie. E kritt fir 1,6 Milliarden Aktië vun der BGL-BNP Paribas, a fir dee verbleiwende Montant kritt en Aktië vun der Mammegeellschaft BNP Paribas, a bei der Dexia kréie mer fir déi 0,37 Milliarden Aktië vun der Dexia-BIL hei zu Lëtzebuerg. Et ass eis also drop ukomm, eng Lëtzebuerger Léisung an engem europäesche Kontext ze sichen, dat heescht, d’Sue virun allem do unzeleeën, fir déi Lëtzebuerger Filialen - un deenen esou munch Lëtzebuerger Spuerer hänkt - zolidd finanziell dohinner ze stellen.

Ech hu gesot, wéi ech fir d’éischte Kéier zu deem Dossier Stellung geholl hunn, datt et ganz kloer ass, opgrond vun dem Gesetz iwwert d’Statskontabilitéit, datt den Trésorminister d’Recht huet fir Bons du trésor ze emittéieren, fir déi Zomm do opzehiewen, an och kann iwwert d’Trésorerie an esou engem Fall fräi verfügen. Et ass awer grad esou kloer, datt - weinst der Aملهur vun där Zomm hei - et normal schéngt, datt een domadder an d’Parlament kënnt. Mir waren duerfir gären an der Regierung d’accord, fir deem Wonsch vun der Chamber nozekommen, fir eis hei d’gesetzlech Zoustëmmung ginn ze loossen. D’Parlament stëmmt de Mëtteg of, fir d’Regierung, en fait fir den Trésorminister ze autoriséieren, dräi Milliarde léinen ze goen.

Ech wëll hei d’Chamber informéieren, datt ech décidéiert hunn, déi Sue wéi folgt opzehiewen: Ech wäert net déi dräi Milliarden an enger éischter Phas ophiewen. En fait hunn ech wëlles, e Statsemprunt vun zwou Milliarden ze maachen. E Statsemprunt, dee fir de Grand public opgemaach gëtt, dat heescht, datt d’Lëtzebuerger kënne mat hiren Erspuinner sech un deem Statsemprunt bedeelegen. Ech hätt och gären, datt Coupe gemaach gi vu 5.000 Euro, datt och jiddfereen, dee wëllt, seng Suen do kann uleeën. De Stat bezitt déi also als Obligatiounen zrëck. Dëse Statsemprunt vun zwou Milliarden Euro wäerte mer virum Enn vun deem Joer, dat heescht an deenen nächste Woche lancéieren.

500 Milliounen vun deem Emprunt huele mer opgrond vun e puer Autorisatiounen, déi mer vun der Chamber an deene leschte Joren autoriséiert kritt hunn. An deene leschte Joren huet d’Chamber eis oft d’Autorisatioun ginn, Emprunten opzehiewen, mä well ech op eng spuersam Aart a Weis de Budget exekutéiert hunn, a well ech am Fong kee grouse Frënd vu Statsschold sinn, hunn ech déi Autorisatiounen net gebraucht. Duerfir konnt ech déi 500 Milliounen, opgrond vun nach bestehende gesetzlechen Autorisatiounen, schonn ophiewen. Déi 500 Milliounen, déi hu mer elo scho geléint, an déi hu mer fir dës Operatioun och gebraucht.

400 Milliounen schliesslech huele mer aus der Statstrésorerie. Mir hunn eng gesond, eng zolidd Statstrésorerie, an doraus huele mer 400 Milliounen. Dat heescht, datt déi Autorisatioun, déi d’Chamber eis de Mëtteg gëtt, um Niveau vun zwou Milliarde gebraucht gëtt, an eng Milliard hale mer als Reserv - wann ech dat esou däréi nennen -, fir wann aner Operatiounen am Kontext vun der internationaler Finanzkris noutwendeg sinn. Et ass ganz kloer, datt dës Sue fir keen aneren Zweck gebraucht ginn an och net kënne gebraucht ginn, well mir hu jo duerfir ausdrécklech am Projet de loi proposéiert, an d’Chamber schéngt dat jo ze approuvéieren, datt déi Suen eleng kënne gebraucht ginn, fir esou Moossname wéi d’Rekapitalisatioun vu Banken an deem Kontext ze maachen.

D’Regierung kritt domadder déi noutwendeg Handlungsfäegkeet, fir och an der Zukunft schnell do ze intervenéieren, wou dat noutwendeg ass. Et ass och kloer, datt dës Statsschold keng Statsschold ass wéi déi aner, an dat ass och vun engem vun de Virriedner gesot ginn. Eng normal Statsschold gëtt gebraucht - an der Vergaangenheet zu Lëtzebuerg -, fir Bauprojeten ze finanzéieren; meeschtens limitéiere mer dat op de Fonds du rail an de Fonds des routes. Hei gi keng Projeten domat finanzéiert, hei kafe mer domat Aktien, fir d’éischt Obligatiounen an dann Aktien. Dee Moment, wou de Stat aus deene Banken erausklëmmt, kréie mer déi Sue selbstverständlech erëm, an do-

madder ass dann och déi Schold an deem Moment rembourséiert.

Et ass also eng atypesch Statsschold, mä et ass eng Statsschold, dat ass ganz kloer. Ech wëll awer präziséieren - well hei gesot ginn ass, datt d’Statsschold no den europäesche Kritäre fir de Moment 7% vum Bruttoinlandsprodukt ass -, datt déi reng Statsschold, dat heescht déi, déi den Zentralstat huet, sech fir de Moment nëmmen op 1,2 Milliarden Euro beleeft. Dat ass also e ganz klenge Montant par rapport zu där Gesamtschold, déi hei mentionnéiert ginn ass. Dat anert, dat ass d’Schold vun de Gemengen, déi mat considéiert gëtt, wa mer zu deene 7% vum Bruttoinlandsprodukt kommen. D’Statsschold beleeft sech fir de Moment nëmmen op 1,2 Milliarden Euro.

Et kommen also elo zwou Milliarden zousätzlech derbäi, déi an deem Gesetz de Mëtteg autoriséiert ginn. Domadder komme mer dann op eng Statsschold, déi bei ongeféier 13% vum Bruttoinlandsprodukt läit, erëm eng Kéier d’Gemengeschold derbäi. D’Statsschold selwer ass méi kleng, a wéi gesot, mir wäerten déi rembourséieren an deem Moment, wou mer déi Aktien erëm verkafen. Et kann een haut nach net genee soen, wéini een erausklëmmt, mä et ass kloer d’Intentioun vun der Regierung, an e puer Joer erëm eng Kéier aus deene Banken do erauszeklappen.

Et ass net d’Aufgab vun Stat, bis in alle Ewigkeit an dräi Banken, Dexia, Fortis a Spuerkeess, säi Kapital ze loossen. An der Spuerkeess ass dat eng aner Saach, well mer do Grënner an 100% Aktionär sinn. An deenen anere Banken ass dat eng Operatioun, déi mer maachen, fir sécherzestellen, datt déi Banken zolidd sinn, datt d’Vertrauen erëm hiergestallt gëtt, an datt d’Spuerer sécher sinn, datt hir Suen och kënnen ausbezuelte ginn.

Ech wëll nach kuerz ofschléissend soen, datt, wat déi Statsgarantie ubelaangt, déi mer der Dexia gi fir de Refinanzement, dee se muss maachen um Marché interbancaire, mer duerfir fir d’éischte Kéier an der Geschicht op déi extra Dispositioun vun der Verfassung, dat, wat dat fréiert Habilitatiounsgesetz war, zrëckgegraff hunn. An enger internationaler Kris a wann eng Urgence ass, da kann d’Regierung opgrond vun där Verfassungsbestëmmung all Moossnamen huelen, déi noutwendeg sinn, y compris déi Moossnamen, déi ofwäiche vu bestehende Gesetzer. Dat hu mer gemaach den 10. Oktober duerch Regierungsbeschluss.

Dee Règlement grand-ducal ass gültig während dräi Méint, esou wéi d’Verfassung dat virgesäit, an d’Regierung wäert also d’Chamber befaasse virum Enn vun Joer mat engem Projet de loi, deen déi Statsgarantie dann och wäert an eng Gesetzesform ëmwandelen, fir datt déi Statsgarantie och iwwer hir ganz Durée ka weiderlafen.

Déi Operatiounen, déi mer gemaach hunn, gradesou wéi deen Emprunt, deen Dir haut autoriséiert, sinn a bleiwen exceptionnel. Déi Moossnamen, déi mer geholl hunn, ware schwéier Moossnamen, ware grave Moossnamen, an ech kann lech soen, mir sinn eis där grousser Verantwortung bewosst, déi mer bei deenen Entscheedungen an och bei där riseger Zomm vu Suen engagéieren, voll a ganz bewosst. Duerfir muss ech extrem ënnersträichen, wéi dankbar mer si fir déi breet Zoustëmmung, déi mer an deene schwéiere Momenter hei am Parlament fannen.

Et ass en Zeechen, datt d’Lëtzebuerger an déi, déi politesch Responsabilitéit am Land hunn, zesummestinn, wann et schwéier ass. Dat hei ass keng einfach Zäit. Ech si fest dovun iwwerzeegt, datt mer déi Zäit hei iwwerbréckt kréien, datt mer déi richteg Moossname geholl hunn. Mir sinn net um Enn vun enger schwiereger Period, mä mir hunn awer héchstwahrscheinlech dee schwiereregste Moment, wat Lëtzebuerg betrëfft, an dëse Wochen erlieft, a mir wäerten dat mat Konsequenz an a voller Transparenz mam Parlament weider exekutéieren.

Duerfir engagéieren ech mech och hei, esou wéi dat gewënscht ginn ass, fir regelméisseg d’Finanzkommissioun vun der Chamber iwwer all weider Schrëtt ze informéieren. Ech mengen, dat ass dat Mannst, wat een an dëse Momenter ka maachen.

Ech soen nach eng Kéier Merci fir déi breet Zoustëmmung, déi dëse Projet hei an der Chamber fënn.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister Frieden. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vum Projet 5842.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5842 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Francoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eiem Ordre du jour, dem Projet de loi 5620 iwwert d’duebel Nationalitéit. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Santer, Braz, Henckes a Bodry an déi Damme Flesch an Err. D’Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Laurent Mosar.



7. 5620 - Projet de loi sur la nationalité luxembourgeoise

Rapport de la Commission juridique

» **M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären: «Les hommes ne naissent pas citoyens mais le deviennent.» Mat deem Saz aus sengem Traité politique huet de Philosoph Spinoza wëllen ënnersträichen, datt kee Mënsch eng Statsbiargerschaft an d’Wéi geluecht kritt, mä datt hie se iwwer Joren opbaue muss.

Dësen Opbau vun enger Statsbiargerschaft ass eminent wichtig, fir d’sozial Kohesioun vun engem Land mëttel- a laangfristeg ze erhalen. Wat d’sozial Kohesioun vun eiem Land betrëfft, ass de Gesetzesprojet iwwert d’lëtzeburgeresch Nationalitéit sécherlech dee wichtigste vun dëser gesamter Legislaturperiod.

Mat der Unerkennung vun der duebeler Nationalitéit ginn net nëmmen d’Integratiounseffortë vun eisen auslännesche Matbiurger hei zu Lëtzebuerg unerkannt, mä dës auslännesch Matbiurger kënnen, wa se dann eis Nationalitéit unhuelen, an Zukunft um aktiven a passive politesche Liewen an eiem Land deelhuelen.

Här President, um Ufank vu menger Interventioun erlaabt mer, fir d’éischt eng allgemeng Observatioun ze maachen, an duerno och nach eng Rei vu Mercië lasszeginn.

D’Regierung huet de Projet de loi iwwert d’Nationalitéit den 13. Oktober 2006 depnéiert. Deem virausgaange si laang Consultatiounen mat de Parteien, mä och mat de Forces vives de la nation, déi den zoustänneg Justizminister gefouert huet. Déi zoustänneg Kommissioun huet sech während 13 Sitzungen intensiv mat dem Projet auserneegesat an huet en och op enger Rei vun Dispositiounen substanzéiert verännert.

D’Resultat heivun ass en Text, deen zu engem Deel eng méi grouss Ouverture zur lëtzeburgerescher Nationalitéit mécht, andeem hien ënner anerem en Element vun Droit du sol an d’Gesetz aschreift.

Mir hunn awer op där anerer Säit och op enger Rei vu Punkten den Text präziséiert, andeem mer zum Beispill e festen Délai vun aacht Méint drageschriwwen respektiv den Niveau vun de Sproochkenntnisser am Text festgeluecht hunn.

Ech mengen also soen ze kënnen, datt de Projet op verschidde wesentleche Punkten eng aner Ausrichtung kritt huet. Erlaabt mer

och hei festzestellen, datt ech als Rapporteur mam Ennresultat eigentlech ganz zefridde sinn. De Mérite heivunner huet sécherlech net de Rapporteur, mä all d’Membere aus der Kommissioun, déi allegueren ouni Exceptioun op eng äusserst konstruktiv a positiv Manéier matdiskutéiert hunn.

Wa schlussendlech et keng Unanimitéit op deem Projet gëtt, huet dat haaptsächlech mat zwou Konditiounen ze dinn, nämlech der Residenzdauer an dem lëtzebueresche Sproochentest, mat deem d’Oppositionsfraktiounen sech net konnten averstannen erklären.

Trotzdem vun dëser Plaz aus e grouse Merci un all Kolleeginnen a Kolleegen aus der Kommissioun fir hiren Engagement an hir Mataarbecht, awer och fir hir Gedold, déi se mam Rapporteur haten. Och e Merci un de Justizminister, deen d’Aarbechte ganz enk an no matbegleet huet.

A menge Mercië wëll ech awer och ganz besonnesch de Sekretär vun der Kommissioun, den Här Laurent Bech, aschléissen, genauso wéi d’Mataarbechterin aus der CSV-Fraktioun, d’Madame Rangan, déi hei och allen zwee eng virbildlech Aarbecht ofgeliehwert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass sécherlech eent vun deenen oppenste Länner an der Europäescher Unioun. Dëst ass ganz besonnesch wouer, wat den Aussenhandel an déi auslännesch Investissementer hei zu Land ugeet. Dës exceptionnel Offenheet ass da sécherlech och ee vun de Schlëssele vum wirtschaftlechen Erfolleg vun eiem Land an deene leschte Joren a Jorzéngten.

Eist Land huet an deene leschte Jorzéngten déi duebel Erausforderung gemeeschtert, déi doranner besteet, seng Wirtschaft fir auslännesch Investisseuren opzemaachen an op där anerer Säit déi suzessiv Welle vun Immigratioun an eiem Land ze integrieren.

Ech erënnere un d’50er an d’60er Joren, wou mer vill Immigranten, besonnesch aus Italien, hei op Lëtzebuerg kruten, duerno an de 70er an 80er Jore mat eise portugisesche Frënn, a schlussendlech méi rezent ganz vill Bierger aus dem Balkan an aus Zentraleuropa. D’Integratioun vun all dësen auslännesche Matbiurger ass eng Realitéit an eise Betriber an domadder op eiem Aarbechtsmaart.

Och ëmmer méi auslännesch Matbiurger spillen eng aktiv Roll am associative Liewen, an duerfir läit et op der Hand, datt mir all dësen auslännesche Matbiurger, déi zu engem Deel ganz laang an eiem Land liewen a schaffen an déi reell Integratiounseffortë gemaach hunn, och eng ugemiesse Plaz an eiser Gesellschaft zougestinn.

Allerdéngs, Här President, muss ee wëssen, datt d’gesellschaftlech Struktur an eiem Land sech an deene leschte Jore staark verännert huet an datt mer elo scho méi wéi 40% auslännesch Matbiurger hunn, déi an eiem Land liewen. Wann een d’Hauptstad kuckt, gesi mer, datt mer do scho méi wéi 60% vun Netlëtzebuerger hunn. Wann een de Statistike gleewe kann, solle mer spéitstens tëschent 2020 an 2025 den „Break-even-Punkt“ dépasséieren, wou hei zu Lëtzebuerg méi Auslänner wäerte liewe wéi Lëtzebuerger.

All eis auslännesch Matbiurger ouni Exceptioun droen hiren net onwesentlechen Deel zu der „success story“ bäi, déi eis Ekonomie an deene leschte Jore kennt huet.

Op där anerer Säit bréngt dës Situatioun en demokrateschen Defizit an eiser Gesellschaft mat sech, well déi Leit, déi d’Wahlrecht fir d’Chamberwahlen hunn, nëmme méi e begrenzten Deel vun de sougenannte Forces vives vun der Lëtzebuerger Ekonomie representéieren.

Fir dat ze ënnersträichen, wëll ech nach emol op ee Prozentsaz agoen, deen ech aus deem iwwregens exzellenten Avis vun der Chambre de Commerce eraushuelen, nämlech deen, datt mer elo schonn Dräivéierels vun de responsabele Kadere vun eise Betriber hunn, déi Netlëtzebuerger sinn.

Dëse Prozentsaz beweist méi wéi all aner Zuelen, datt mer hei e gewëssenen Déca-